



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung,  
Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6104 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Wéi den honorabelen Här Deputéierte schonns a senger Fro undeit, stellt den neie Bachelor a Lëtzebuurger Sprooch, Wëssenschaft a Kultur eng zousätzlech, sechst Voie de formation an den europäesche Studien duer, fir haaptsächlech e Masterstudium drunzehänken. De Bachelorofschloss vun der Formatioun Bachelor en Cultures européennes - Lëtzebuurger Linguistik a Literatur (BCE-LUX) op der Universiteit Lëtzebuerg bitt ganz ënnerschiddlech Beruffsméiglechkeeten, virrangeg déi vum Sproochenseignant an de private Sproocheschoulen, den Associatiounen oder och de Gemengen. Dës Weidere qualifizéiert den Diplom fir Posten am Kulturberäich an an der Ëffentlechkeetsaarbecht. D'Qualifikatioun Bac +3 erfëllt d'Viraussetzung fir um Aarbechtsmaart kompetitiv ze sinn.

D'Formatioun am Beräich vun de Cultures européennes (Germanistik, Romanistik, Anglistik, Geschicht a Philosophie), deen een Drëttel vum Studium ausmécht, gëtt ausserdeem Zougang zu weiderféierende Studien op Master-Niveau an dat am Beräich vun de Geeschteswëssenschaften, souwuel op der Universiteit Lëtzebuerg wéi am Ausland. En ass doriwwer eraus déi ideal Virbereedung op de « Master en Enseignement Secondaire – Filière langue et littérature luxembourgeoise », deen op der Universiteit Lëtzebuerg ugebuede gëtt. Dës Master ass d'Viraussetzung fir eng Carrière als Lëtzebuergeschproff am Enseignement.

D'Formatioun continue – Lëtzebuurger Sprooch a Kultur (FC) gëtt effektiv am Joer 2022/23 net op der Universiteit Lëtzebuerg ugebueden. Aus organisatoreschen an zäitleche Grënn ass et nach net sécher, ob d'Formation continue méi spéit erëm wäert ugebuede ginn.

De BCE-LUX ersetzt keng Formatioun; et handelt sech ëm eng nei Formatioun, déi am Beräich vun der Lëtzebuurger Sprooch a Literatur spezialiséiert. De Master en Langues, Cultures et Médias ass zënter 2018 am Master en Enseignement Secondaire – Filière langue et littérature luxembourgeoise integréiert. De Bachelor ass weeder inhaltlech nach strukturell mat der Formatioun vergläichbar: déi 6 Semester regulär Studienzäit bidden eng wesentlech méi verdéiften a wäitgräifend Formatioun an alle Beräicher (Linguistik, Literatur, Didaktik) un. Déi programméiert Stagen erlaaben et scho wärend dem Studium praktesch Erfahrung an der spéiderer Beruffswelt ze sammelen.

**Ad 2)**

Wann d'Fro den Zertifikat viséiert fir Leit mat Première déi mat dëser Zousazformatioun d'Erlaabnis kréien, am konventionéierte Secteur Lëtzebuergeschcoursen ze halen, dann ass d'Äntwert ganz kloer "Neen" : de Bachelor ersetzt net de Zertifikat fir Lëtzebuurger Sprooch a Kultur (ZLSK). Den ZLSK gëtt awer weiderhin um INL ugebueden. Diplomer/Zertifikater kënnen an der Reegel nëmme vun den Institutiounen, déi d'Coursen ubidden, ausgestallt ginn.

**Ad 3)**

Den 30. Mee 2022 gouf de Projet de loi zur Reform vum INL déposiert. Dësen Text definéiert den INL als Autoritéit fir d'Evaluatoun vun de Lëtzebuergeschkompetenzen an zielt och déi méiglech Diplomer op. Selbstverständlech kann den INL ënner bestëmmte Konditiounen d'Fonction diplomante och weider reechen, wéi zum Beispill d'Goetheinstitut et och mécht.

**Ad 4)**

Ech mengen et wäert och am Sënn vum honorabelen Deputéierte sinn, dass den Enseignant vum Lëtzebuergesch net manner forméiert muss sinn wéi seng Kolleginnen a Kollegen vun anere Sproochen. Ech wëll awer och drun erënneren, dass den ZLSK fir de konventionéierte Secteur an de Privatsecteur erhale bleift. Am Lycée an am INL mussen awer Enseignanten mat Master ënnerriichten.

**Ad 5)**

Déi Fro läit am Ermiessensspillraum vun eiser onofhängeger Universitéit.

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH